



Wëllkomm

am Jousefshaus zu Réimech

«titre» «Prénom» «NomFamille»

Yves Gorges  
Chargé de direction

**Inhalt vun dëser Mapp**

## Vertrag

	Säit
1. Géigestand	3
2. Vertragsdauer	3
3. Leeschtungsëmfang	4
4. Basispräis a Flegezousaz	6
5. Stéchdatum an Aart a Weis fir ze bezuelen	6
6. Perséinlech Saachen an Haftung	7
7. Opléise vum Vertrag	8
8. Rechtspriechung	9
9. Aktuell Situatioun	9
10. Unhang	9
10.1 Hausuerdnung	11
10.4 Pensionspräis a Flegezousaz	14
10.5 Inventaire	15
10.6 Flegezousazerklärung	16

«titre» «Prénom» «NomFamille», chambre «chambre», arrivée:«datearrivée» .....

Tëschent dem Jousefshaus, *Hospice Civil de la Ville de Remich*, vertrueden  
duerch sain Chargé de Direction, **dem Här Yves Gorges**

an

der/m «titre» «Prénom» «NomFamille»  
genannt **de Bewunner**

gëtt folgende Vertrag ofgeschloss.

---

### **1. Géigestand**

D'Jousefshaus vu Réimech, 4 Burewee (rue de l'hospice), ass als Altersheim op d'Bedürfnisser vun den eelere Leit agestellt. De Bewunner kënnt als valid Persoun a ka bleiwen, och wann säi Gesondheitszoustand sech verschlechtert; et sief dann den Dokter oder d'Direktioun ginge feststellen, datt seng Fleg oder säin Openthalt am Haus net méi méiglech sinn.

Dëse Vertrag ënnerläit net de gesetzleche Bestëmmunge vum Mitvertrag.

Dëse Vertrag as e ganzt a kann net opgespléckt gin.

Dëse Vertrag kann net op eng drëtt Persoun iwverdroe ginn.

### **2. Vertragsdauer**

De Vertrag gëtt op onbegrenzten Zäit ofgeschloss.  
Den Ufank ass den «datearrivée».....  
D'Dauer gëtt am Artikel 7 méi genee festgeluegt.

### **3. Leeschtungsëmfang**

D'Jousefshaus verpflichtet sech heizou:

**1. De Bewunner kritt en eenzel/duebel Zëmmer.**

D'Zëmmer ass miwwléiert oder net. De geneeën Inventaire gëtt an der Annexe 10.5 festgehal.

All Zëmmer huet Douche an Toilette, en Téléfon, eng Prise vun der Gemeinschaftsantenn, e coffre-fort.

- 1.1. De Bewunner däerf keng baulech Verännerung ouni schrëftlechen Accord vun der Direktesch maachen.
- 1.2. De Bewunner däerf och keng drëtt Persoun a sengem Zëmmer bei sech ophuelen.
- 1.3. De Bewunner kritt eng Schlësselkaart vu senger Zëmmerdir. Des Schlësselkaart bleiwt Propriétéit vum Jousefshaus a muss nom Enn vum Vertrag zrëckkommen. Eng nei Schlësselkaart muss de Bewunner zum Präis deen hie verrechent kritt bezuelen.  
D'Direktioun an d'Flegpersonal huet e Generalpass fir am Noutfall an d'Zëmmer ze kommen. D'Botzequipe huet och e Pass vum Stack fir opzespären, wa keen do ass.  
**Wann dir refuséiert, dass een an äert Zëmmer geet, wann dir eemol net do sidd, da sot w.e.g. dem Chargé de direction perséinlech Bescheid.**

**2. Zu den allgemenge Leeschtungen zielen ënnert anerem:**

- 2.1. De Bewunner kann all Gemeinschaftsraum benotzen.
- 2.2. Heizung, Waarm- a Kalwaasserversuergung.
- 2.3. D'Benotzung vun de Liften.
- 2.4. D'Bettwäsch gëtt vum Jousefshaus gestallt an ënnerhalen.
- 2.5. De Bewunner kritt e Coffre-fort a sengem Zëmmer installéiert . Dëse Coffre-fort gëtt gratis zurVerfügung gestallt.

- 2.6. D'Jousefshaus zerwéiert pro Dag dräi Moolzechten am Restaurant; wann néideg gött och Diätkascht gemaach.  
De Menü gött am viraus op all Stack a beim Restaurant ausgehang an all Bewunner kann en Auswäichmenü kréien, wann hien dat mat Zäit seet.
- 2.7. D'Zëmmer an de Frigo ginn am Prinzip **eemol d'Woch** gebotzt a geraumt, an eemol am Joer ass grouss Botz. Den Offall gött am Zëmmer ewech-geholl. Op all Stack stinn extra Këschte fir Glas an ale Pabeier. De Bewunner soll hëllef, esou vill wéi méiglech den Offall ze vermeiden, an duerno och ze trennen.
- 2.8. Wann de Bewunner an d'Klinik oder an d'Vakanz geet, gött d'Zëmmer direkt gebotzt an duerno geet kee Member vum Personal méi eran.
- 2.9. D'Kleederwäsch vum Bewunner ka vum Jousefshaus gemaach ginn. All eenzelt Wäschstéck muss mat Nominette gezechent sinn, och dann, wann d'Famill sech em d'Wäsch këmmert. Si muss dann och duerfir suergen, dass d'Saache regelméisseg ofgeholl ginn. Et ass strengstens verbueden am Zëmmer selwer ze wäschen. Sachen déi mussen op der Hand gewäsch gin oder an der Botzerei gebotzt gin muss de Bewunner eraushalen a selwer mache loossen. D'Jousefshaus as duerfir nett haftbar.
- 2.10. Allgemeng Betreierung a Berodung sou wéi kleng Hëllef.
- 2.11. Offere fir religiéist, kulturellt a gesellegt Liewen sou wéi Animatioun a Fräizäitgestaltung.
- 2.12. D'Grond- a Behandlungsfleg je no Besoin an Astufung an déi entspriechend Fflegestuf.
- 2.13. De Bewunner huet Recht op fräi Wiel vum Dokter. Aus praktesche Grënn sollt den Dokter awer aus der Géigend sinn. De Bewunner seet der Direktioun esou bal wéi méiglech, wat fir en Dokter hie gewielt huet, a mellt och wann hien den Dokter wiesselt.  
De Bewunner erklärt sech averstan, datt säin Dokter dem Flegepersonal déi néideg Erklärungen iwwert de Gesondheetszoustand gött an och schrëftlech déi néideg Medikamenter matdeelt.  
De Bewunner erklärt sech averstan, datt d'Jousefshaus en Dossier féiert (Flegedokumentatioun), wou den Dokter an d'Flegepersonal aschreiw.

Wann de Bewunner refuséiert seng Medikamenter ze huelen oder soss eng Behandlung verweigert, ka weder den Dokter nach d'Flegepersonal verantwortlech gemaach ginn.

#### **4. Basispräis a Pflegezousaz**

##### **1. Basispräis (Lëscht „tarifs appliqués en 2020“ ass eleng gültig)**

- 1.1. De Pensionspräis an de Supplément fir méi Pfleg gi vum Verwaltungsrot vum Hospice Civil vu Réimech festgeluegt an duerno vum Gemengerot guttgeheescht. All Joer op den 1. Januar gëtt, wann néideg, eng Upassung virgeholl.
- 1.2. Beim Ennerschreiw vum Vertrag gëtt eng eemoleg Provisioun/  
Garantie an der Héicht vun engem Mountspräis verlaangt. Dës  
Somme dréit keng Zësen a gëtt gebraucht beim Opléise vum Vertrag,  
fir déi Rechnungen, déi nach opstinn, ze bezuelen. De Rescht vun där  
Provisioun gëtt zréck iwwerwisen.
- 1.3. Fir Televisiounsgebühren an d'Gemeinschaftsantenn gëtt all Mount e  
Forfait verrechent. Am Ablack sin dat **15,00 €**. Wann dës Käschte fir  
d'Jousefshaus änneren, ginn si ugepasst.
- 1.4. Forfait fir d'Kitchenette am Zëmmer:      **46,00 €** de Mount
- 1.5. Forfait fir den ënnerierdesche Parking(Garage):      **50,00 €** de Mount  
Forfait fir de Parking dobaussen beim Haus :      **35,00 €** de Mount
- 1.6. Fir d'Wäsch an d'Streck ze maache gëtt all Mount e Forfait verrechent.  
Am Ablack ass dat **95,00 €**. Wann dës Käschte fir d'Jousefshaus  
änneren, ginn se ugepasst.  
All Wäschstéck muss mat Nominette gezeechent sinn.

##### **2. Flegezousaz**

- 2.1. Bei de Pensionspräis derbäi kënn nach eventuell e Supplément fir  
méi Hëllef. Deen ass am Moment **200,00 €** resp. **400,00 €** de Mount.  
D'Flegeversécherung bezillt eisem Haus d'Fleg esou bal wéi en  
Opwand vun iwwert 3 ½ Stonn an der Woch laut plan de prise en  
charge néideg ass.

### **5. Stéichdatum an Aart a Weis fir ze bezuelen**

1. De Pensionspräis zesumme mat deene verschiddene Supplémenten (TV, Wäsch, Fleg) gëtt den éischte vun all Mount **am viraus** iwwert den normale Bankwee op de Konto vum Hospice via „**ordre permanent**“ iwwerwisen. **De Bewunner erlabt dem Jousefshaus desen ordre permanent unzepassen wann dat néideg as.**  
Déi ufälleg Fräien vun der Bank bezillt de Bewunner.
2. Suen, déi den Hospice virstreckt, a Saachen, déi den Hospice liwwert, ginn extra a Rechnung gestallt. De Bewunner kritt am Laf vum Mount eng Rechnung fir de Mount den eriwwer ass, an iwwerweist d'Suen dann iwwert den normale Bankwee.

***Fir dës Aarbechten ze erliicheren, recommandéiere mir iech, eng Domiciliatioun bei ärer Bank ze maachen.***

3. Wann de Bewunner an der Vakanz oder an der Klinik ass, rembourséiert den Hospice him e Forfait fir all **vollen Dag**, wou en net do ass.
4. Wann de Bewunner d'Zëmmer reservéiert ouni awer direkt anzezéien, verrechent den Hospice e Forfait fir déi Reservatioun. Dëst Arrangement ka maximal zwéi Méint daueren.
5. Wann de Bewunner finanziell Schwiregkeeten huet, fir de Pensionspräis mat de Supplémenten ze bezuelen, kann hien sech un d'Assistante sociale vun der Gemeng oder un d'Direktesch wenden.  
Ennert gewëssen Emstänn kann hien eng Hëllef vum Staat kréien.

### **6. Perséinlech Saachen an Haftung**

1. D'Jousefshaus ass net responsabel a kënnt och nët op bei Déifstal, Verloscht an Zerstäierung vu perséinleche Konscht- a Wertsachen.
2. D'Haftung vum Jousefshaus ass nëmmen da méiglech, wann him eng Schold nogewise ka ginn.

3. All elektresch Apparate mussen de sécherheetstechnesche Bestëmmungen entsprechen.
4. All aner Saache musse mam Numm gezechent sinn, soss laaft dir Gefor fir eppes ze verwiesselen.
5. D'Jousefshaus ass en oppent Haus. Et kann net responsabel gemaach gin, wann e Bewunner den Terrain verléisst.

### **7. Opléise vum Vertrag**

De Vertrag gëtt opgeléist wann:

1. déi zwou Parteien sech eeneg sinn.
2. de Gesondheitszoustand an/oder d'Verhale vum Bewunner eng richtig Fleg net méi zouloossen a wann den Dokter dat duerch e Certificat festhält oder d'Direktioun dat feststellt.
3. Beim Stierwe vum Bewunner gëtt vum Datum un, wou d'Zëmmer geraumt ass, nach **15 Deeg** laang de Grondpräis verrechent, fir d'Zëmmer an d'Rei ze setzen.  
Dëst gëllt och wann de Vertrag gekënnegt gëtt.
4. De Bewunner kann de Vertrag bis zum Enn vum Mount kënnegen. Dës Kënnegung muss der Direktioun schrëftlech bis spëitstens de läschte vum Mount virdu matgedeelt ginn.
5. Bei schwéiere Feeler vum Bewunner kann d'Direktioun de Vertrag kënnegen ënnert deene selwechte Bedingungen wéi hei ënnert 4. beschriwwen.
6. D'Direktioun kann ouni Rücksicht op d'Kënnegungsfrist de Vertrag opléisen, wann de Bewunner seng Pflichten esou uerg verletzt huet, datt dem Personal oder/an deenen anere Matbewunner d'Fortsetzung net méi operluegt ka ginn:
  - a. wann de Bewunner méi wéi zwéi Méint mam Pensiounspräis hannendran ass;



- b. wann de Bewunner géint d'Uerdnung verstéisst;
  - c. wann de Bewunner falsch Saachen iwwert seng Persoun gesot huet oder/a wichteg Informatiounen verheemlecht;
  - d. wa soss e wichtige Grond virläit.
7. Wann d'Zëmmer bis zum Oflafe vum Vertrag net geraumt ass, däerf d'Direktioun d'Zëmmer raum loossen an all perséinlech Saache vum Bewunner a Verwahrung ginn. Déi ufälleg Käscht muss de Bewunner oder säin Ierwen droen.
8. Wann d'Direktioun de Vertrag kënnegt wéi ënnert 6.b. oder 6.c. beschriwwen, muss d'Jousefshaus hëllef, eng Wunneng ze sichen.

### **8. Rechtspriechung**

De Vertrag ënnersteet der Lëtzebuerger Rechtspriechung.

### **9. Unhang**

Dëst sin och nach Deeler, déi zum Vertrag gehéieren:

- 09.1. D'Hausuerdnung (Ännerunge vun der Hausuerdnung kënnen riicht viru vun der Direktioun gemaach ginn)
- 09.2. D'Personalien
- 09.3. D'Enquête vun der Assistante sociale mam Certificat médical
- 09.4. De Grondpräis mat dem Supplément fir méi Fleg an Hëllef (variabel) ze bezuele mat O.P. oder Domiciliatioun am Viraus, den éischte fir de lafende Mount.
- 09.5. Den Inventaire
- 09.6. De Questionnaire fir de Flegezousaz festzeleeë mat der Flegezousaz-erklärung

- 09.7. Eng Copie vum Familljebuch, resp. den Numm vum Notaire, deen sech ëm d'Testamentsvollstreckung këmmert
- 09.8. D'Adresse vun de Kontaktpersonen, déi sech ëm de Bewunner këmmere
- 09.9. D'Umeldung am Populationsregëster vun der Réimecher Gemeng
- 9.10. Eng Kopie vun der Patienteverfügung souwäit de Bewunner eng gemach huet

De Bewunner ass averstanen fir dass Fotoen am Alldag a bei Manifestatiounen vun Him a senger Famill gemaach ginn. Hien gett dem Jousefshaus d'Erlabnës fir des Fotoen ze gebrauchen an ze publizéieren.

De Bewunner ass och averstanen, dass all wichteg Donneeën fir d'Jousefshaus informatesch erfaasst a behandelt ginn.

Perséinlech Donneeën ginn op kee Fall un Drëttpersonen weidergereecht.

De Vertrag ass an zwee Exemplairen ausgestallt.

Remich, le .....2021

.....  
Bewunner

Yves Gorges  
Chargé de direction

## 09.1 Hausuerdnung

Bonjour !

Dir sidd vun elo u Bewunner am Jousefshaus, dem Hospice Civil vun der Stad Réimech, a mir felicitéiren iech zu desem Choix.

D'Stad Réimech, d'Membere vum Verwaltungsrout, d'Direktioun, d'ganzt Personal an all fräiwëlleg Mataarbechter bidden iech gären en Heem, wou dir frou an zefridde sidd.

**Hei fand dir elo e puer Informatiounen, déi iech d'Liewen am Haus erliichteren.**

An all Haus wou vill Leit zesumme wunnen, si Frëndlechkeet, Rücksicht, géigesäitege Respekt wichteg. All Bewunner huet déi selwecht Rechter a Pflichten. Jiddereen huet e Recht op: *Informatioun, eege Meenong, Respekt fir seng Privatsphär, Besuch.*

Déi perséinlech Fräiheet ass gréisstméiglechst gewahrt. Profitéiert vun den Aktivitéiten am ganzen Haus, benotzt eise flotte Park. Dir sollt iech bei eis wuelfillen. Jidderee kann a soll d'Ariichtunge vum Haus benotze wéi déi eegen, dat heescht an aller Fräiheet awer mat Respekt, Rücksicht an ouni Verschwendung.

Mir froen iech awer, keen Inventar aus de Gäng, aus de Gemeinschaftsraum mat op äert Zëmmer ze huelen oder dorëmmer ze réckelen.

Wann irgendwou eppes futti ass, biede mir iech, eis dat direkt an der Rezeptioun ze mellen.

### 1. Zëmmer

Probéiert w.e.g. äert Zëmmer esou propper wéi méiglech ze halen a suert och fir Uerdnung. Wann dir aus dem Zëmmer erausgitt, vergiesst net, d'Lueten auszumachen an zouzespären. Et huet keen eppes an ärem Zëmmer verluer. Loosst de Schlëssel och net op der Dir stiechen. Sollt dir de Schlëssel verléieren, mell et direkt am Bureau.

## 2. Ariichtung vun ärem Zëmmer

D'Zëmmer ass zum Deel miwwléiert. Fir de Rescht kënnt dir iech esou ariichten, wéi dir wëllt. Den Inventaire (10.5) hält dat genee fest. Wann awer elo eng gewësse Flegofhängegkeet entsteet, muss d'Ariichtung eventuell geännert ginn. Mir soen iech dann, wéi een dat maache kann.

## 3. Wäsch

D'Bettwäsch gëtt vum Jousefshaus gestallt an ënnerhalen. Déi perséinlech Kleederwäsch ka vun eis oder vun der Famill gemaach ginn.

## 4. Iessen a Cafeteria

Mir hunn e schéine, flotte Restaurant, an d'Moolzechte ginn och do zerwéiert.

Mir zerwéiere am Prinzip keen Iessen um Zëmmer selwer.

D'Iessenszäiten am Restaurant sinn ongeféier déi hei:

Mueres : 08:00 bis 09:30 Auer  
Mëttes : 12:00 Auer  
Owes : 18:00 bis 19:00 Auer

Är Famill kann och bei eis mat Iech zesummen iessen, wann si virdrun ugemellt ass. De Moment ass de Präis fir Mëttes oder Owes **15,00 €** pro Moolzecht. Sonnes an d'Feierdeeg ass de Präis méi héich.

Eis Cafeteria um Rez-de-chaussée ass all Dag vun 08:00 bis 19:00 Auer op. Hei kritt dir och déi gängechst Gedränkser ze kafen fir mat an är Wunnéng ze huelen. D'Präislëscht hänkt aus.

Um Stack zerwéiere mir iech och e flotten Uebstkuerf, deen all Dag nei gefëllt gëtt. Huel iech net méi, wéi dir iesse wëllt; Et ass genuch fir jiddereen do!

Um Rez-de-chaussée steet eng Waassersail. Zerwéiert iech an ärem Besuch roueg gratis e kille Becher Waasser.

## 5. Kapell

Den Här Marcel Pundel, Éirendechen vu Réimech, as aumônier am Jousefshaus; hien hält op manst 1 x Mol an der Woch eng Mass an eiser Kapell niewent dem Restaurant an dem Festsall.. D'Lëscht vun der *Gottesdienstordnung* hänkt op all Stack aus. Dagsiwwer ass d'Kapell och op fir all Bewunner, deen sech wëllt e bësschen zrëckzéien.

## 6. Rezeptioun

D'Rezeptioun ass um Rez-de-chaussée. Si ass am Prinzip besat tëschent 08:00 an 20:00 Auer. Dir kënnt iwwert den Haustelefon uruffen (9).

Sot an der Rezeptioun Bescheed wann dir fortgitt an net fir ze iessen oder fir ze schlofen erëm sidd.

Tëschent 20.00 an 21.00 Auer gëtt d'Haaptdir zougespaart. Da kënnt dir schellen an d'Nuetswaach mécht iech op fir eran ze kommen.

Wann eppes futti ass, wier et flott fir direkt an der Rezeptioun Bescheed ze soen.

Wann d'Rezeptioun net besat ass, meldt alles beim Flegeteam.

## 7. Fëmmen

Aus Rücksicht op all Matbewunner ass et an de Gemeinschaftsraum verbueden ze fëmmen.

D'Fëmmen ass nëmmen bei iech an ärem Zëmmer erlaabt. Aus Sécherheetsgrënn ass d'Fëmmen am Bett awer verbueden.

## 8. Telefonskabin

Um Rez-de-chaussée ass eng Telefonskabin. An der Rezeptioun kritt Dir all Informatioun.

## 9. Assurance

Et steet all Bewunner fräi, seng perséinlech Saachen ze versécheren oder net.

Et ass **wärmstens recommandéiert** eng Haftpflichtversécherung ze hunn.

Matgedeelt vum Här Yves Gorges, Chargé de direction

Réimech, den.....2021

## 09.4 Pensiounspräis a Flegezousaz

Numm : «titre» «Prénom» «NomFamille»

### Pensiounspräis pro Mount

Zëmmernummer : «chambre»

Grondpräis :	2 875,00 €
Grondpräis doubel 1 persoun :	3 450,00 €
Grondpräis doubel 2 persounen :	2 300,00 €
Telefon a Verbindungen (obligatoresch):	10,00 €
Antenn :	15,00 €
Wäsch :	95,00 €
Kitchenette :	46,00 €
Locatioun Miwwelen	0.00 € - 60.00 €
Parking ënnerierdesch (Garage)	50,00 €
Parking extérieur	35,00 €

### Flegezousaz

Kategorie 0 :	200,00 € pro Mount
Kategorie 1 :	400,00 € pro Mount

Ausgestallt an zwee Exemplairen.

Réimech, den .....2021

.....  
Bewunner

Yves Gorges  
Chargé de direction

## 09.5 Inventaire

«titre» «Prénom» «NomFamille»

kënnt op Réimech an d'Jousefshaus wunnen.

Hien / Sie bezéit d'Zëmmer. «chambre» vum «datearrivée».....  
un.

Inventaire	Zoustand
------------	----------

Bett	.....
Nuetsdësch	.....
Schaf	.....
Abauschaf	.....
Kommoud	.....
Dësch	.....
Lut	.....
Douche / Lavabo	.....
Spigel	.....
Rechts Mauer	.....
Lénks Mauer	.....
Mauer / Dir	.....
Mauer / Fënster	.....
Balcon	.....
Buedem	.....
Plafond	.....

**Et ass wichteg hei opzeschreiwen wann eppes net sollt an der Rei sinn well am Prinzip ass d'Zëmmer frësch ugestrach, de Buedem nei behandelt an d'Holz vun den Dieren huet keng Schrëps. All entstanene Schued gëtt nom definitive plënnere op Käschte vum Bewunner oder sengem Ierwen nees a Stand gesat. Nom Raumen vum Zëmmer muss de Bewunner oder seng Ierwen de Schlëssel ofginn Ganz wichteg : et muss e R-V bei der Equip entretien gefrot ginn fir den Zoustand vum Zëmmer zesummen ze kontrolléieren.**

Ausgestallt an zwee Exemplairen. Réimech, den .....2021

.....  
Bewunner

Yves Gorges  
Chargé de direction

## 09.6 Flegezousazerkklärung

tëschent dem Jousefshaus vu Réimech

an

Dem / Der «titre» «Prénom» «NomFamille»

De Bewunner gëtt an d'Kategorie «catégoriesoins» agestuft.

Dës Astufung baséiert op

1. dem Jousefshaus sengem Questionnaire iwwert déi néideg Hëllef
2. dem Flegedokument (Dokter an Team)

Wann déi néideg Hëllef erop respektiv erof ginn, gëtt och d'Kategorie geännert.

De Bewunner a seng Kontaktpersoun ginn informéiert.

Ausgestallt an zwee Exemplairen.

Réimech, den .....2021

.....  
Bewunner

Yves Gorges  
Chargé de direction



**Contrat de prise en charge**

Entre les parties soussignées à savoir,

l'Hospice Civil de la Ville de Remich, représenté par Monsieur Yves Gorges,  
Chargé de direction,

et la personne dépendante

Nom, prénoms: «NomFamille» «Prénom»

Matricule:

est intervenu le contrat qui suit:

**Art. 1.** Le présent contrat est conclu sur base de l'article 392 du Code des assurances sociales.

**Art. 2.** La personne dépendante reçoit les aides et soins par le personnel de l'établissement.

**Art. 3.** Le relevé individuel des aides et soins requis fait partie intégrante du présent contrat.

**Art. 4.** L'exécution du contrat de prise en charge est suspendue pendant le séjour de la personne dépendante à l'hôpital ou dans une institution prise en charge par l'assurance maladie ou l'assurance contre les accidents et en cas d'absence temporaire de la personne dépendante pour des raisons personnelles et pendant laquelle elle renonce temporairement aux aides et soins.

En cas d'absence temporaire de la personne dépendante pour des raisons personnelles, l'établissement peut continuer à assurer lui-même les aides et soins à la personne dépendante ou bien l'établissement peut continuer à assurer les aides et soins à la personne dépendante par l'intermédiaire d'un réseau. Dans ce cas, l'exécution du contrat de prise en charge n'est pas suspendue.

**Art. 5.** Les effets de la suspension commencent soit le jour suivant l'admission de la personne dépendante à l'hôpital ou l'institution visée à l'article précédent, soit le jour suivant le départ de la personne dépendante pour des raisons personnelles. Les effets de la suspension cessent le jour de la réintégration de la personne dépendante à l'établissement.

**Art. 6.** Le contrat de prise en charge est modifié en cas de décision de révision portant augmentation des aides et soins. Cette décision prend effet le premier jour de la semaine de la présentation de la demande de révision. La modification du contrat de prise en charge prend effet le même jour.

**Art. 7.** Le contrat de prise en charge est modifié en cas de décision de révision portant réduction des aides et soins. Cette décision prend effet le premier jour de la semaine suivant immédiatement celle au cours de laquelle la décision a été notifiée à la personne dépendante. La modification du contrat de prise en charge prend effet le même jour.

## Hospice Civil de la Ville de Remich

---

**Art. 8.** Le contrat de prise en charge prend fin de plein droit le jour du décès de la personne dépendante ou le jour où la personne dépendante quitte l'établissement pour une autre destination.

**Art. 9.** En cas d'une décision de retrait des aides et soins, la fin du contrat de prise en charge prend effet le premier jour de la semaine suivant immédiatement celle au cours de laquelle la décision a été notifiée à la personne dépendante. Copie de la décision de retrait des aides et soins est notifiée par courrier simple par l'UCM à l'établissement.

**Art. 10.** La résiliation du contrat de prise en charge par la personne dépendante ou par l'établissement est faite par écrit en respectant un délai de préavis d'un mois. L'établissement peut seulement résilier le contrat lorsqu'il lui est impossible d'accomplir son objet et après en avoir informé la cellule d'évaluation et d'orientation.

**Art. 11.** Pendant les quatre premiers mois le contrat de prise en charge ne peut être résilié ni par la personne dépendante ni par le réseau.

**Art. 12.** Le présent contrat est conclu pour une durée indéterminée et prend effet le

Fait à Remich, le .....2021

Fait en double exemplaire dont un pour l'établissement et l'autre pour la personne dépendante.

Pour l'établissement

La personne dépendante

.....  
(Yves Gorges, chargé de direction)

.....  
«Prénom» «NomFamille»